Josy Christen

# ILLUSIOUNEN

Geschicht a Regie Guy Geimer



Photo © Claude Piscitelli

mam Susy Lentz, Al Ginter
a Jeff Schmidt

GRATIS ENTRÉE

Schëtter
Commission des Affaires Culturelles

**17.04.2026 I 20:00**

**Centre Culturel • Campus an der Dällt**

## Eng gesongen a gespillte Satir fir eng Fra an e Mann voller

Léift an Haass ... Emotiounen...
Verlaangeren... vu grousse Gefiller, Dreem an Illusiounen

## … oder awer en Drama

– – – – – – – – – – – – – – -

D'Geschicht erzielt vun enger Fra, déi hire Mann verléisst, an dovunner wéi déi zwee mat der Situatioun an hiren Emotiounen ëmginn.

Dës Geschicht, eng gesonge Satir, gëtt op eng lëschteg awer och emol nodenklech Manéier mat Lidder vum Josy Christen opgefouert.

Interessant ass et fir ze gesinn, datt ee mat Lidder, déi virun allem fir Revue a Cabaret bestëmmt waren, eng komplett aner Richtung aschloe kann.

D'Texter vum Josy Christen goufen deelweils vum Erny Delosch vertount oder sinn op bekannte Melodien opgebaut. Vill vun dëse Lidder sinn haut "al Schanken", anerer dogéint si och haut nach klassesch Evergreens a wäerten et och bleiwen. Awer fir eis Geschicht, e Konzept vum Guy Geimer, passe se alleguerten ewéi d'Fauscht op d'A.

– – – – – – – – – – – – – – -

Et spillen a sangen d'**Susy Lentz** an den **Al Ginter**
Musikalesch gi si begleet vum **Jeff Schmidt**
D'Bünebild ass vum **Marc Maas**
D'Regie mécht de **Guy Geimer**

D'Stéck dauert (ouni Paus) ronn 70 Minutten.

Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt: D'Schëtter Theaterfrënn proposéiere Wirschtercher a Gromperenzalot unzebidden. Service ab 19 Auer.

Umeldung iwwer Mail op kultur.schuttrange@gmail.com
oder all Dag vu 14-16 Auer per Telefon op 621 161 639.